



# ÄR VERSAMMLUNG IWWERT TEAMS



Och an Zäite vum COVID-19 kënt d'Är als AVEX Är Versammlung ofhalen.

D'Är froet iech bestëmmt: „Wéi? Et ass dach alles ofgesot an et soll dach jiddereen doheem bleiwen!“

Dat ass natierlech och ganz richtig, bleift doheem, mee verzicht net op Är Versammlung.

M'Är stellen iech den Tool „Microsoft Teams“ vir. Vu dass d'Är all Schüler am Lëtzebuenger Schoulsystem sidd, hutt d'Är alleguer Zougang zu dësem ganz flotte Programm, deen et méiglech sech op ganz ënnerschiddlech Manéieren auszetauschen.

## Wat s du braucht

Lued iech de Programm resp. d'App op Äre Computer, Tablet oder Handy.

Loggt iech duerno mat Ärem IAM an (dem Max Mustermann säin IAM wär z.B. MusMa123@school.lu).

Falls d'Är Ären IAM-Zougangsdaten nach net sollt kritt hunn, da froet mol nach eng Kéier bei Ärem Schoulmeeschter respektiv Prof no.

## Duerno kanns du folgendermoosse virgoen (d'Screenshots si vun dem Computerprogramm):


1. Klick ganz lénks op




2. Klick riets uewen op

Einem Team beitreten oder ein Team erstellen

3. An duerno op:




4. Bei der Auswiel vum Teamtyp wiel



## 5. Duerno kanns du d'Är vum dengen AVEX-Kollegeen oder och just de Leit aus denger Patrull aginn:

### Mitglieder zu „AVEX-Ekipp“ hinzufügen

Beginnen Sie, einen Namen, eine Verteilerliste oder eine Sicherheitsgruppe einzugeben, um sie Ihrem Team hinzuzufügen. Sie können auch Personen außerhalb Ihrer Organisation als Gäste hinzuzufügen, indem Sie ihre E-Mail-Adressen eingeben.



## 6. Genéiss deng Versammlung mat dengen Scoutkollegen.

Niewent flotten Diskussiounen am Videochat, kënt d'Är awer och eng rei Spiller ausprobéieren wéi:

### Montagsmaler

Deejeinegen, dee moolt, deelt mat dësem Symbol säi Bildscherm a scho kann et lassgoen. Benutzt Chatfunktioon fir ze äntferen, soss gëtt et liicht chaotesch wann een zu vill ass.

### Black Stories

Eng mysteriéis Rätselgeschicht gëtt erzielt, de Rescht vun de Spiller muss probéieren dës Story opzeléisen andeems froe gestallt ginn déi ee just mat „Jo“ an „Nee“ ka beäntferten.

### Stadt - Land - eppes méi interessantes ;-)

D'Kategorie kënt d'Är selwer wielen. E Matspiller geet am Kapp d'ABC duerch, en zweete seet „Stopp!“. All d'Wieder müssen elo mat dësem Buschstaf ufänken.

Geschriwwe gëtt klasesch op e Blat, wat beim Opléise kann deenen anere gewise ginn.

10 Punkte fir e Wuert wat keen aneren huet, 5 wann et e puer mol optaucht, 0 wann een näischt huet.

Dir hutt awer bestëmmt nach e ganze Koup aner kreativ Iddiën. Macht eis e Screenshot vun Ärem nächste Videochat a schéckt se un: [programm@lgs.lu](mailto:programm@lgs.lu)

